
CSV Conter

Schéi Chrëschtdeeg
Merry Christmas
Glædelig Jul
Gesegnete Weihnachten
Boas Festas
God Jul
Joyeux Noël
Prettige Kerstdagen
Buon Natale
Feliz Navidad
Hyvää Joulua
Vrolijk Kerstfeest


Dezember 2010

Conter •
Éiter •
Méideng •
Mutfert •


# Op de Punkt


Kontakt- an Informatiounsblat vun der CSV-Conter

Ënnert der Responsabilitéit vun der CSV-Conter


## D'CSV-Conter steet weider fir e konsequent Ëmsetzen vum Koalitiounsprogramm



**Marion Zovilé-Braquet**

Bis Haut ass de gréissten Deel vun deene ville Punkten déi mir am Koalitiounsofkommes stoen hunn schonns vun eisen CSV-Gemengerotsmemberen, mat hirem Buergermeeschter un der Spëtzt, a mam Koalitiounspartner ëmgesat ginn.

Als CSV hu mir awer nach e ganze Koup Saachen déi mir wëllen ugoen, a ganz besonnesch wëlle mir Léisungen fannen fir all a nei Suergen a Problemer déi ons vun eise Matbierger zougedroe ginn.

Eppes wat ons stänneg beschäftegt as d'Thema Verkéier a Mobilitéit an eiser Gemeng.

Ech mengen et ass kengem entgaang dass an deene läschte Joeren den Trafic an eisen Dierfer enorm zougeholl huet a weider zouhëlt. Ëmmer méi gëtt dat – zumindest zäitweis – fir ons Kanner a Bierger, besonnesch déi op den Haaptstroossen wunnen, eng geféierlech Situatioun, soubal si sech op de Schoulwee maachen oder awer mat hirem Auto aus der Garage wëlle fueren, vum Gestank a Kaméidi guer net ze schwätzen!

Mir sinn ons dëser Problematik bewosst an denken, dass dat neit Verkéierskonzept wat ons Gemengeverantwortlech ausschaffe gelooss hunn, an Zesummenaarbecht mam Ministère och mëttelfristeg Léisungen bréngt.

**Kuerzfristeg setze mir ons awer an, dass sou séier ewéi méiglech:**

- an eise Wunnquartieren eng Zone 30 kënnt
- Op alle villgenotzten Zebrasträifen – ganz besonnesch op der Syrenerstross wéinst eise Schoulkanner, Elteren, a geschwënn, den Awunner vun eisem Alters- a Fleegeheem – eng extra hell Beliichtung installéiert gëtt.



- de normale Linie-Bus bis bei d'Conter Sportshal fiert
- e Rondbus eis 4 Dierfer vun der Conter Gemeng mateneen verbannen sollt.
- deeselwechte Rondbus och iwwer Sandweiler fueren sollt an domat alle Matbierger et erméiglechen sollt eng Verbindung op Sandweiler bei den Dokter, bei d'Geschäfter, an d'Apdikt oder op d'Bank ze kréien
- domat wär dann och den Transport an déi nei Museksschoul zu Éiter a bei déi verschidden Sporinfrastrukturen resp. Veräiner mat gréisseren Effektiver (z.b.: Dëschtennis, Basket, Football, Turnen) an deene verschiddenen Uertschaften garantéiert
- den Akafsbus fir eis eeler Matbierger agefouert gëtt!

Mir si frou dass:

**d'Multisportterrainen zu Moutfort an zu Éiter** am Gemengerot gestëmmt sinn an de Chantier sou séier ewéi méiglech kann ugefaang ginn.

**fir d'Jugendhaus**, wat am Kader vum Jugendkommunalplang, also op Wonsch vun eise Jonken an der Gemeng, op Moutfort kënnt, d'Renovéierungsaarbechten demnächst ufänken wäerten.

**d'Piscine zu Niederanven**, wou d'Conter Gemeng dru bedeelegt ass, hir Dieren am Dezember opgemaacht huet,dëst fir ons Bierger a natierlech och fir eist Schoulschwammen. Och hei sollt een eng optimal Busverbindung net vergiessen!

Am September **ass de Grondsteen fir d'Alters- a Fleegeheem zu Conter** geluecht ginn an domat den Ufank gemaach fir dass eis Matbierger och am Alter gutt versuergt sinn.

Mir begréissen och dat deen aus finanziellen Ursaachen zréckgesaatenen a mëttlerweil nët méi auszesetzende **Bau vun der „Spillschoul"** och elo ëmgesat a **mat enger Dëschtennishal** - eng weider regional Infrastruktur – de Site ,um Ewent' weider kompletéiert gëtt.



**An och fir d'Zukunft hu mir nach vill Iddien a Projeten déi mir am Interêt vun eise Matbierger nach wëllen ëmsetzen, wéi zum Beispill:**

Eiser Meenung no sollte mir als Gemeng elo d'Chance notzen fir am Duerfzentrum vu Mutfert déi grouss Gréngfläch tëschent dem Centre Sociétaire, dem Jugendhaus, dem Centre Culturel et Sportif an dem Fussballsterrain als **„Zone de Rencontre"** ze amenagéieren mat enger Spillplaz fir kleng Kanner, engem Multisportsterrain fir d'Jugend an z.B. enger Pétanquespiste a gemittlech Sëtzgeleeënheeten a Picknicksdëscher. Domat géif e richteg convivialen Park entstoen, an dat op enger zentraler Plaz vun eiser Gemeng.

Och kleng Saachen, déi beileiwe keng Klengegkeete sinn, brauchen heiansdo vill Zäit an entspriechend Gedold fir realiséiert ze ginn. Sou geschitt mat de **Verkéiersluuchten op der Haaptkräizung zu Moutfort** an der **Beliichtung vum Trottoir duerch de Biirk**. Mat enger Portioun Sturheet an Ausdauer hu mer erreecht dat dëse Chantier endlech an d'Gäng koum an hoffentlech nach virum Enn vum Wanter d'Leit méi sécher a méi gemittlech dëse Verbindungswee tëschent Éiter a Moutfort benotze kënnen. D'Luuchten op der Kräizung si schon a Betriib an e sécher Passage iwwert d'Réimecher Strooss ass elo garantéiert.






Dir gesitt léif Leit dass nach ganz vill an eiser Gemeng ze schaffen ass, a mir als CSV-Conter wäerten dat och riichtduerch maachen. Mir wäerten ons Energie net onnëtz mat engem verfréite Wahlkampf oder eidele Verspriechen verpuffen, mais alles dru setzen fir ons „Hausaufgaben" gutt an efficace ze maachen.

Besonnesch a net esou rosegen Zäiten ass et an onsen Ae wichteg zesummen ze schaffen an sech fir di richteg Wäerter anzesetzen, an dozou gehéiere fir ons ganz besonnesch eis Kanner, eis Jugend, eis eeler Leit an dir all léif Matbierger, dass d'Liewensqualitéit an eiser schéiner Gemeng ons nach laang erhale bleift!

**Marion Zovilé-Braquet**
Presidentin CSV Contern





**Hutt Dir eng Fro, braucht Dir eng Informatioun, hutt Dir eng Suggestioun, da kontaktéiert eis:**

**SCHMITZ Jim,** Buergermeeschter, Bourgmestre, Mayor, 621 293 695, j.p.schmitz@luxnatur.lu

**SCHMIT-EISCHEN Lilly,** Conselljé, Conseiller, elected member of the council, 621 425 246, joli1@pt.lu

**ZOVILE-BRAQUET Marion,** Präsidentin, Conselljé, Conseiller, elected member of the council, 621 226 679, zovile@pt.lu

**SCHMIT Marco,** Sekretär, Secrétaire, Secretary, 621 153 437, mar.mit@gmx.net



**IMPRESSUM**

**CSV – Chrëschtlech Sozial Vollekspartei**

**„Op de Punkt – Conter" erscheint unter der Verantwortung der CSV-Conter.**

**Auflage 2/2010: 1700 Exemplare.**

**Weitere Informationen:**
E-mail: info@csv-conter.lu


Copyright: © CSV-Conter 2/2010

# Die CSV-Contern steht für klare Ziele, konkrete Realisationen zum Wohle aller Einwohner der Gemeinde Contern

Einige Beispiele:

## KULTUR für jung und alt

Die Harmonie Moutfort-Medingen und die Musikschule der Gemeinde Contern haben ihre neuen Räume in der früheren Primärschule in Oetringen bezogen. Diese neuen Räume erlauben einen qualitativ hochwertigen Unterricht für junge Musiker, sowie ein erstklassiges Proben der Harmonie Moutfort-Medingen.



## DRITTES ALTER: Seniorie ST. ZITHE in Contern

Mit der Grundsteinlegung am 21. September ist ein weiteres wichtiges, praktisches Ziel erreicht worden. Ab Ende 2011 werden alle älteren Bürger der Gemeinde Contern mit absolutem Vorzug in die sogenannte Seniorie, mit 140 Wohnungen ausgestattet, aufgenommen werden können.






## ERHOLUNG und SPORT:

**Erlebnisschwimmbad öffnete am 3. Dezember 2010**

Durch den Beitritt in das Schwimmbadsyndikat wurden klare Ziele verfolgt

1. das Schulschwimmen definitiv zu sichern
2. allen Bürgern die Möglichkeit zum Schwimmen und Wellness ermöglichen
3. Solidarität für die regionale Entwicklung stärken



**Interkommunaler Wanderweg durch 3 Gemeinden:**

Positiv bewerten wir die Ausweisung und Beschilderung eines weiteren interkommunalen Rundwanderwegs mit Ausgangspunkt neben dem Kulturzentrum in Medingen. Die Beschilderung des Wanderwegs wurde in den Sommermonaten mit Unterstützung des Tourismusministeriums durchgeführt. Der landschaftlich reizvolle Rundgang erstreckt sich über ca 8 km und führt über das Territorium der Gemeinden Contern, Waldbredimus und Dalheim. Bei der anstehenden Einweihung wird er demnächst der Öffentlichkeit vorgestellt werden.




## Zukunftsorientierte ENERGIEPOLITIK

Im Energiebereich begrüßt die CSV-Contern die Tatsache dass:

- die energetische Sanierung öffentlicher Bauten gemäß dem erstellten Energiekonzept fortgesetzt wurde
- im Bereich der Energieeinsparung bei Gemeindebauten, die alten und energieintensiven Heizsysteme kontinuierlich durch moderne, leistungsfähige und ökologische Gas-Brennwertkessel ersetzt wurden (1)
- der Zentralschulkomplex und die angrenzende neue Sporthalle mit umweltfreundlichen, $CO_2$-neutralen Holzhackschnitzeln aus gemeindeeigenen Wäldern geheizt werden (2)
- auf zwei öffentlichen Gebäuden je eine gemeinschaftliche Solarstromanlage, unter Beteiligung einer Reihe von interessierten Bürgern, realisiert wurden (3)
- die Gemeinde umweltfreundlichen Strom über ihre eigene Fotovoltaikanlage „auf dem Event" in Contern produziert und ins Netz einspeist (4)
- alle öffentlichen Gemeindebauten mit „grünem Strom" aus erneuerbaren Energien beliefert werden
- im Rahmen der mehrjährigen SIAS- Energiesparkampagne, eine Energieinfoline eingeführt wurde sowie persönliche Energieberatersprechstunden für die Bürger angeboten werden.













## FINANZDIENSTLEISTUNG in unserer Gemeinde

Mit der Schließung der bis vor etwa 10 Jahren vorhandenen Bankfilialen in Moutfort und Contern bot sich auf dem Territorium der Gemeinde Contern keine Gelegenheit mehr die einfachsten Bankgeschäfte zu erledigen. Auch im Internetzeitalter sind noch zahlreiche Menschen auf die Dienste angewiesen welche mit einer **Bancomateinrichtung** abgewickelt werden könnten. Daher sollten die notwendigen Schritte unternommen werden um wenigstens in einem oder besser in mehreren Orten unserer Gemeinde eine solches Gerät einzurichten.

## FAMILIEN-, JUGEND- und VEREINSFREUNDLICHE Einrichtungen vor ihrer Fertigstellung.

Das **geplante Jugendhaus** in der alten Schule in Moutfort steht vor seiner Verwirklichung. Pläne und Kostenvoranschläge liegen vor und nach der anstehenden Vergabe werden die verschiedenen Handwerksbetriebe mit der Einrichtung beginnen können.

Nach Abschluss der Konventionen mit den teilnehmenden Nachbargemeinden steht auch die **Garderie in der ‚neuen alten Schule' in Moutfort** vor ihrer Realisierung.

Paralell werden die freiwerdenden Räume in diesem Komplex für den Gebrauch der verschiedenen Vereine hergerichtet werden.


Der kostenlose **WIFI-Zugriff** zu den Internetdiensten ist wohlwollend von den verschiedenen Benutzern aufgenommen worden.

Free Wi Fi spot

## Sinnvoller AUSBAU DES ÖFFENTLICHEN TRANSPORTES

Der öffentliche Transport im regionalen Bereich sollte durch weitere Angebote gefördert werden. Hier bietet sich ein **Rundbus durch die Gemeinden Contern und Sandweiler.** Auf dieser Strecke werden 2 Bahnhöfe eingebunden sowie die zahlreichen Geschäfte und Dienstleister wie Frisöre, Autowerkstätten sowie Arzt- und Kinesitherapiepraxen.

**Eine weitere Verbindung** sollte neben den vorgenannten (Geschäfts- und Gesundheits-) Angeboten auf der Strecke Contern, Schüttringen, Niederanven ab Contern das neue **Schwimmbad in Niederanven** einbinden.



# Noruff op den Alfred JUNG an de Lucien FRANZEN

An de läschte Méint hunn zwee vun eisen treiste Memberen eis fir ëmmer verlooss: den Alfred Jung vu Conter an de Lucien Franzen vu Moutfort.

Den Alfred Jung huet zur ‚Jeunesse sacrifiée' gehéiert a wéi vill Jongen aus deene Gebuertsjoergäng deen onséilege. 2. Weltkrich ënnert dem däitschen Okkupant a senger ganzer Häert missen erdroen an erfueren. Wéi all ‚Ons Jongen', déi de Krich méi oder wéineger heel iwwerlieft hunn, huet och hien alles dru gesat fir nieft senger Famill och d'Gesellschaftsliewen rëm nei opbléien ze loossen. Als Bauer, DuPont-Beschäftegten a Rendant vun der Raiffeisekees huet hien säi Mann gestallt grad wéi a senger Funktioun als laangjärege Keessier vum AB Contern a vun den Enrolés de Force, Member vun der Kierchefabrik ouni seng Aktivitéiten an deene meeschten anere Veräiner ze vergiessen. Dobäi huet en sech och nach fir sechs Joer (1970-1975) als Gemengeconseiller an den Déngscht vun der Allgemengheet gestallt. Heimat soe mir eisem treie Member Alfred nach eng Kéier Merci fir säi joerzéngtelaangen Asaz am Déngscht vun der Gesellschaft.

De Lucien Franzen huet déi schrecklech Zäit 40–45 als Jugendlechen matgemaach. Gepräg vun deenen Erliefnesser huet en sech schon als 18-järegen an der CSV engagéiert an am Duerf- a Veräinsliewen eng Hand ugepaakt wou e konnt. De Sportfëscherveräin ass Dank senger Mathëllef entstanen. Bei de Scouten an der Chorale Caecilia war hie joerelaang eng dreiwend Kraaft. D'Garten und Heim Sektioun an d'Fanfare konnten op säin Asaz zielen. Als Privatbeamten bei enger bekannter Pëtrolsfirma war him trotz sengem berufflechen Engagement keng Stonn ze fréi oder ze spéit fir fir d'Veräiner an d'Leit am Duerf do ze sinn. Dat huet hien dann och bei d'aktiv Politik gefouert a bei den Nowahlen 1964, duerch de plëtzlechen Doud vum Schäffe Jos. Wiltgen, huet en direkt de Spronk an de Schäfferot gepackt. Zesumme mam Eugène Schmit vun Éiter an dem Buergermeeschter Edmond Reuter vu Conter huet en déi éischt sechs Joer den Opbau vun der Firma DuPont de Nemours zu Conter begleet fir duerno an enger zweeter Period mam Schäffe Jos. Bos vun Éiter an dem Buergermeeschter Roger Diederich vu Conter mam Bau vun éischte Fest- a Sportshalen souwéi dem Schaafe vun engem moderne Kanalnetz eis Gemeng geholleg huet ze moderniséieren. Mat sengem Asaz fir d'Allgemengheet dierf hie roueg als Beispill fir eis Jugend zielen a mir sinn dankbar esou e virbildleche Member an eise Reien gehat ze hunn. Merci Lucien!

De Familljen vun eisen zwee léiwe Memberen sief dëse Beitrag e klengen Trouscht am Leed.

**MarS.**

## Agenda

**10. Januar 2011**

Neijooschpatt zu Conter am Henkes ab 19.00 Auer
Dir sidd all häerzlech invitéiert fir mat eis op dat neit Joer unzestoussen

**24. Määrz 2011**

Visite vum Europaparlament zu Bréissel